



**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, vum Wunnungsbauminister a vum Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n° 6214 vum 18. Mee 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

- 1. Fro: Wéi vill Gebaier, déi säit 2016 vun der ëffentlecher Hand gebaut goufen, goufe mat enger Gasheizung equipéiert? Wéi vill Gebaier sinn aktuell nach a Planung a kréien eng Gasheizung? Falls keng Donnéeë virleien, kënnen d'Ministeren ausschléissen, dass vun de säit 2016 gebaute Gebäier méi wéi 75% mat Gas gehëtzt ginn?**

D'Verwaltung fir ëffentlech Bauten huet zënter 2016 insgesamt 9 Gebaier gebaut oder am Bau déi mat Gas gehëtzt ginn. Hei handelt et sech ëm 2 Sitten vun der Verwaltung fir Brécken a Stroossen, 3 Projeten fir international Flüchtlingen, d'Gebai vun der Wanteraktioun um Findel, e Containerbau vun 2 Gebaier fir de Luxembourg Institute of Health beim Centre Hospitalier zu Lëtzebuerg an de neie Prisong um Uerschterhaff. D'Projeten fir Flüchtlingen hu musse séier realiséiert ginn a sinn eventuell nëmmen fir eng begrenzten Zäit a Betrib. Fir de Site vum Uerschterhaff ass aus Sécherheetsgrënn och keng Produktioun vu Wäermt mat Biomass méiglech, well hei eng grouss Unzuel vu Camionen op de Site missten gelooss ginn.

Zousätzlech zu de genannten Projeten sinn och an 3 Fäll Gasheizungen als Spëtzeessel a Kombinatioun mat Pellet- (Ligue HMC zu Capellen an de CIPA zu Käerjeng) oder Gréngschnëttkesselen (Lycée vun de Natur- an Agrarwëssenschaften zu Gilsdref) installéiert ginn.

Grondsätzlech ass d'Verwaltung fir ëffentlech Bauten scho zënter laangem beméit, fir de Verbrauch vu fossilen Energien ze limitéieren. Esou sinn 10 Projeten geplangt, respektiv schonn ëmgesat ginn, bei deenen d'Gasheizung duerch eng Biomasseheizung ersat gëtt.

- 2. Fro: Wéi vill Wunngebaier, déi vum Staat, vu staatleche Fongen oder vun Etablissements publics gebaut oder matfinanzéiert goufen, si säit 2016 mat Gasheizungen equipéiert ginn? Falls keng Donnéeë virleien, kënnen d'Ministeren ausschléissen, dass vun de säit 2016 gebaute Gebäier méi wéi 75% mat Gas gehëtzt ginn?**

Zënter 2016, sinn 661 Gebaier mat 2.251 Wunnunitéiten vum Fonds du Logement an der *Société Nationale des Habitations à Bon Marché* (SNHBM) gebaut ginn, dovunner sinn 52.9% mat Gasheizungen equipéiert. Am Kader vu denger Renovatiounsstrategie huet de Fonds du Logement virgesinn d'Gasheizungen am Bestand ze ersetzen. Domadder sollen Virgaben vum PNEC a Bezuch op Dreifhausgasen an erneierbaren Energien ëmgesat ginn.

Mir wëllen drop hiweisen, dass op Basis vum Règlement grand-ducal du 9 juin 2021 concernant la performance énergétique des bâtiments, fir néi Gebaier fir déi eng Baugenehmigung ab dem 1. Januar 2023 ugefrot gëtt, eng Wärmepompe als Referenztechnologie fir d'Heizen virgesin ass, an domat den Asaz vu Gasheizungen (oder aneren Heizungen déi op fossilen Brennstoffen baséieren) praktesch nët méi méiglech ass. Lëtzebuerg ass bei fossilfräie Gebaier e Virreider an där Hisiicht.

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch